



den direkte Kontakt mam Bierger - deen ech perséinlech nach ëmmer als ganz wichteg an esouguer als onëmgänglech ugesinn - oder iwwert déi nei Medien, déi d'Meenungsäusserunge méi zerspläitern, wéi dat fréier de Fall war.

Et ass elo un eis, déi verschidden Interessen, Meenungen an Uleissen, déi un eis erugedroe goufen, am Parlament zesummenzebréngen a se a kohärent politesch Iddien ëmzesetzen.

Mir müssen Deputéierter bleiwen, déi sech an der Mëtt vun der Gesellschaft bewegen, déi en oppent Ouer fir Suergen hunn, déi géint Ongerechtegkeete virginn an déi sech de Problemer vun de Leit unhuelen.

Mir müssen alles Erdenkleches maachen, fir datt kee Gruef vum Genre „déi do uewen“ an „mir hei ënnen“ entsteet. Wa mir d'Wierklechkeet um Terrain aus den Ae verléieren, dann dierfe mir eis net doriwwer wonneren, wann de Wieler iwwert d'Politik verdrësslech gëtt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Gewielte vun der neier Legislaturperiod reie mir eis an an eng laang Rëtsch vun Deputéierten, déi an dëser Institutioun gewierkt hunn. Fir mech ass dat dann och d'Geleeënheet, fir deene Kolleeginnen a Kolleegen Merci ze soen, déi an de leschte fënnf Joer eng gutt a wäertvoll Aarbecht an dësem Haus am Dëngscht vun eise Land geleescht hunn, déi sech awer fir dës Wahlen entweder net opgesat hunn oder net méi ërmgiewelt goufen.

Wann ech scho bei de Mercie sinn, da wëll ech et och net mëssen, dem Här Mars Di Bartolomeo, dee bis haut de Mëtteg President vun eiser Chamber war, e grouse Merci ze soe fir déi kompetent, engagéiert a korrekt Aart a Weis, mat där hien d'Parlament an deene leschte fënnf Joer gefouert huet. Merci Mars!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an den nächste fënnf Joer hu mir d'Éier, un der Gestaltung vun eise Land deelzehuelen. Déi Missioun erfuerdert verschidde Viraussetzungen:

1. datt een déi Experienz an déi Kompetenz, déi een am Liewen op verschiddene Plaze gesammelt huet, optimal asetzt;
2. datt een derfir suerge muss, seng Kompetenzen a Kenntnisser mat der Zäit auszubauen;
3. datt ee mat der néideger Zäit gerüst ass, fir deene villfältegen Aufgabebereicher, déi dat Mandat mat sech bréngt, gerecht ze ginn;
4. datt mir eis an eiser Aart a Weis, wéi mer schaffen, déi néideg Zäit ginn, fir déi verschidden Aarbechte mat där néideger Suergfalt unzuegoen, Problematiken ze hannerfroen an dës an der Déift ze analyséieren. En allze séiert Reagéiere geet gären op d'Käschte vun enger wueliwwerluechter, nohalteger Léisung;
5. datt mir intern esou séier wéi méiglech eng Expertise op d'Bee setzen, déi eis et erlaabt, deenen ëmmer méi komplizéierte Problemer an Erausforderungen, déi sech eis als Parlament stellen, esou gutt wéi méiglech ze begéien.

Well d'Parlament de Forum vun de politeschen Ausenanersetzungen ass, wäerte mir an deenen nächste Wochen a Méint an dësem Raum erëm Sträitgesprécher matenee féieren. Dat ass en entscheidende Bestanddeel vun eiser parlamentarescher Aarbecht. Als Häerzstéck vun der Demokratie ass e Parlament déi Plaz, wou déi verschidden Iddien an Usichte matenee konfrontéiert ginn.

Als Lëtzebuurger Parlament kënne mir houfreg sinn, datt mir et ëmmer fäerdegbruecht hunn, dës Ausenanersetzungen an enger dach korrekter Aart a Weis ze féieren. Et ass wichteg, datt eis sachlech Ausenanersetzungen am geigesäitege Respekt stattfannen, am Respekt géigeniwwer dem Aneschtdekenenden.

Zënter ech mech erënnere kann, hu mir et ëmmer verstanen, déi tëschemënschlech Bezéiungen net um Altor vun de politeschen Ausenanersetzungen ze afferen. Mir hu versicht, an de Kolleeginnen a Kolleegen vun deenen anere Parteien och de Mënsch ze gesinn. Doru soll eis och weider geleeë sinn.

A sollten an engem gewëssene Moment, wat och mënschlech ass, d'Gemidder emol méi héichkachen, dann, mengen ech, schuet eng gewësse Portioun Humor net, fir déi ganz Debatt erëm op e gesonden Niveau erofzefueren.

D'Beräicherung vun eiser Demokratie läit am pluralisteschen Denken an an der gemeinsamer Betuechtung vu Problematiken aus verschiddene Bléckwénkelen. An eise politesche Systemer hunn d'Oppositioun an d'Majoritéit jee-weils eng eegen a wichteg Roll ze spillen. Do-

bäi verfolge mir awer all ee gemeinsam Zil: dat Beschtméiglecht fir eist Land an déi Leit, déi hei schaffen, liewen, wunnen, ze erreechen.

Fir dat ze maachen, wënschen ech eis all eng glécklech Hand a jiddwerengem vun lech vill Satisfaktioun an der Ausübung vun Ärem Mandat.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

7. Élection du Bureau et nomination du Secrétaire général

► **M. Gast Gibéryen, Doyen.** - Mir géifen dann elo, am Sënn vun der Kontinuitéit vun eiser Institutioun a bis mer komplett konstituéiert sinn, e Bureau asetzen. Eise Reglement no besteet de Bureau aus engem President, dräi Vizepresidenten a siwe Memberen. Ech géif vorschloen, wéi dat de Gebrauch ass, de Bureau folgendermoossen ze besetzen:

als President de Rangeelsten, dat wär ech, an als Vizepresidenten den Zweeteelsten, Drëtteelsten a Véierteelste vun der Ranglëscht, dat heescht: den Här Michel Wolter, den Här Alex Bodry an den Här Laurent Mosar.

Fir déi siwe Membere géif ech déi siwe jéngst Gewielte proposéieren, dat heescht: déi Häre Sven Clement, François Benoy, Marc Goergen, Lex Delles, Max Hahn, David Wagner a Marc Baum.

Ass d'Chamber mat dëse Virschléi averstanen?

(**Assentiment**)

Dat schéngt de Fall ze sinn. Dann ass dat esou decidéiert.

Da wëll ech d'Chamber froen, ob se och averstanen ass, den Här Claude Frieseisen als Generalsekretär ze ernennen, bis datt d'Chamber komplett ass a se hien da ka confirméieren.

(**Assentiment**)

Och datt ass de Fall an ass och esou decidéiert.

De Bureau vun der Chamber ass deemno folgendermoossen zesummegeat:

- President: den Här Gast Gibéryen,

- Vizepresidenten: déi Häre Michel Wolter, Alex Bodry a Laurent Mosar,

- Memberen: déi Häre Sven Clement, François Benoy, Marc Goergen, Lex Delles, Max Hahn, David Wagner a Marc Baum,

- Generalsekretär: den Här Claude Frieseisen.

De Grand-Duc gëtt iwwert dës Zesummesetzung a Kenntnis gesat.

(**Interruption par M. Michel Wolter**)

Stëmmt eppes net?

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Wann et dem Alter no geet ...

► **M. Gast Gibéryen, Doyen.** - Neen, hei geet et net dem Dëngschtalter no, hei geet et dem Alter no.

(**Brouhaha**)

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Bei de Jéngsten ass et den Alter.

► **M. Gast Gibéryen, Doyen.** - Net den Dëngschtalter.

(**Hilarité et brouhaha**)

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Da menge mir, dass den Här Wilmes ënnert deene sechs oder siwe misst sinn ...

(**Concertation interne**)

► **M. Gast Gibéryen, Doyen.** - Eise Generalsekretär seet mer, mir géifen dat nokucken a mam Averständnis vun der Chamber géife mer dat esou redresséieren, wéi et richtig wär. Ass d'Chamber domadder averstanen?

(**Assentiment**)

Dann ass och dat decidéiert.

(**Hilarité et brouhaha**)

D'Aufgab vum provisoeresche Bureau ass ofgeschloss an ech iwwerhuelen dann d'Presidence vum Bureau vun der Chamber.

(**Concertation interne**)

8. Institution de la Conférence des Présidents

Als nächste Punkt hu mir d'Institutioun vun der Presidentekonferenz.

Am Artikel 31 vum Chambersreglement steet:

« (1) Il est institué une commission dénommée Conférence des Présidents.

(2) Elle se compose du Président de la Chambre ainsi que du président de chaque groupe politique constitué conformément à

l'article 17 et du président de chaque groupe technique constitué conformément à l'article 18. »

Opgrond vun den Informatiounen, déi mir kritt hunn, presentéiert sech d'Zesummesetzung vun der Presidentekonferenz folgendermoossen:

- Chamberspräsident: den Här Gast Gibéryen,

- President vun der CSV-Fraktioun: den Här Claude Wiseler,

- President vun der DP-Fraktioun: den Här Lex Delles,

- President vun der LSAP-Fraktioun: den Här Alex Bodry,

- Presidentin vun der Fraktioun déi gréng: d'Madamm Josée Lorsché.

9. Institution et constitution de deux commissions parlementaires

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung, dem Asetzen an Zesummesetze vun zwou parlamentaresche Kommissiounen.

Als Éischt komme mer zu der Konstitutioun vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun vum Service de renseignement, déi duerch d'Gesetz virgesinn ass.

Et gëtt proposéiert, folgend Memberen an dës Kommissioun ze ernennen:

- fir d'CSV-Fraktioun: den Här Claude Wiseler,

- fir d'DP-Fraktioun: den Här Lex Delles,

- fir d'LSAP-Fraktioun: den Här Alex Bodry, an

- fir d'Fraktioun vun deene Gréngen: d'Madamm Josée Lorsché.

Da komme mer zu der Konstitutioun vun der Reglementskommissioun.

Et gëtt proposéiert, folgend Memberen an dës Kommissioun ze nennen:

- fir d'CSV-Fraktioun: den Här Léon Gloden, d'Madamm Martine Hansen, den Här Marc Spautz, den Här Claude Wiseler an den Här Michel Wolter,

- fir d'DP-Fraktioun: d'Madamm Lydie Polfer, d'Madamm Simone Beissel an den Här André Bauler,

- fir d'LSAP-Fraktioun: den Här Alex Bodry an den Här Mars Di Bartolomeo,

- fir d'Fraktioun vun deene Gréngen: d'Madamm Josée Lorsché, an

- fir d'Sensibilité politique ADR: den Här Gast Gibéryen.

Ass d'Chamber ...

(**Interruption par M. Alex Bodry**)

Den Här Bodry, wann ech gelift, huet d'Wuert gefrot.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, d'LSAP-Fraktioun huet dräi Leit zegutt. Ech géif den Här Marc Angel nach derbäiproposéieren.

► **M. Gast Gibéryen, Président.** - Jo. Mir géifen dann den Här Marc Angel nach bei d'LSAP-Fraktioun derbäisetzen.

Ass d'Chamber mat der Zesummesetzung, wat déi zwou parlamentaresch Kommissiounen ugeet, averstanen?

(**Assentiment**)

Dann ass dat och esou decidéiert.

D'Zesummesetzung vun dëse Kommissiounen gëtt am Compte rendu verëffentlecht.

D'Deputéiert aus dëse Kommissiounen si gebieden, no der Sitzung an der Salle des pas perdus zesummenzekommen, fir d'Bureau vum de Kommissiounen anzusetzen.

10. 7384 - Proposition de loi relative au remboursement partiel des frais des campagnes électorales et portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Déclaration de recevabilité

Dann e leschte Punkt. Als leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer nach iwwert d'Recevabilitéit vun enger Gesetzespropositioun ze befragen.

An hirer Reunioun vum 26. Oktober 2018 huet sech d'Presidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat.

Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 7384 iwwert de Remboursement vun de Fraise fir d'Wahlcampagnen, déi de 26. Oktober 2018 vun den Häre Marc Baum, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Henri Kox, Gast Gibéryen a Claude Wiseler deponéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un, d'Proposition de loi 7384 als recevabel ze erklären?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

11. Élection du Bureau et nomination du Secrétaire général (suite)

Mir géifen dann nach op déi kleng Korrektur zrëckkommen, wat de Bureau vun der Chamber ubelaangt. Nodeem datt d'Datumer genau nogekuckt si ginn, géif dee sech da folgendermoossen zesummesetzen:

- President: den Här Gast Gibéryen,

- Vizepresidenten: déi Häre Michel Wolter, Alex Bodry a Laurent Mosar,

- Memberen: déi Häre Sven Clement, François Benoy, Marc Goergen, Lex Delles, Max Hahn, David Wagner an den Här Serge Wilmes.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

(**Brouhaha**)

► **M. Gast Gibéryen, Président.** - Ass d'Chamber mat där Zesummesetzung averstanen?

(**Assentiment et hilarité**)

► **Une voix.** - Elo ass et gutt!

(**Hilarité**)

► **M. Gast Gibéryen, Président.** - Här Baum, et deet mer leed, mä dann ass dat esou decidéiert.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, domat si mer um Enn vun eiser éischter Sitzung ukomm.

Ech géif lech Merci soe fir dee flotten an disziplinéierte Verlaf vun der Sitzung an och e Merci un eise Generalsekretär, den Här Claude Frieseisen, a seng Mataarbechter fir déi gutt a kompetent Aarbecht, genauso wéi un d'Mataarbechter aus eisem Parteisekretariat, déi och gutt eng Hand mat ugepaakt hunn.

Domadder ass d'Sitzung opgehuewen.

(**La séance publique est levée à 17.30 heures.**)



Suivez la
Chambre des Députés
sur Facebook
et Twitter

